LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Luxembourg, le 2 juillet 2020

REÇU
Par Alff Christian , 11:51, 02/07/2020

**Service central de législation**
**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Objet :** Question parlementaire n°2313 – Réponse

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°2313 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Carole Dieschbourg

**Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima a nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°2313 vum 2. Juni 2020 vum honorabelen Deputéierten Här Jeff Engelen iwwert d'"Diminution des populations d'oiseaux"**

Et ass fachlech unerkannt, datt d'Zerstéierung, d'Veraarmung an d'Zerschneidung vun natierleche Liewensraim, souwéi d'Aféiere vun net-heemeschen Aarten déi véier Haaptgrënn fir de Biodiversitéitsverloscht sinn.

Lëtzebuerg ass do keng Ausnam. Den Asaz vu Pestiziden an Dünger, d'Drécheleeë vu Fiichtgebidder an d'Eliminéiere vun natierleche Strukturen an der Landschaft, souwéi d'Bebauung hunn zu enger dramatescher Veraarmung, Verännerung an Zerschneidung vun den natierlechen Liewensraim gefouert, bis hin zu hirer Zerstéierung, wat zum Bestandsréckgang a souguer Ausstierwen vu villen Aarte gefouert huet.

Ech ka net confirméieren, datt déi "sougenannt Raubdéieren ëmmer méi zouhuelen", wéi vum honorabelen Deputéierten enoncéiert. Am Contraire: vill vun den natierlech zu Lëtzebuerg virkommende Gräifvullen a fleeschfrëssende Mamendéieren si seelen, bedrot oder säit längerem ausgestuerwen. Dëst aus dem einfache Grond, datt och si ënnert den uewen ernimmte Problemer leiden.

Och beim an dësem Zesummenhang heefeg zitéierte Fuuss ginn et keng Indicen déi op eng Hausse vun der Populatioun hiweisen. Domat soll net ugedeit ginn, datt de Fuuss zu Lëtzebuerg seelen oder bedrot wier. Déi disponibel Zuelen, notamment unhand vun de systemateschen Opname mat Wëldkameraën deiten op ee gläichbleiwenden, stabille Bestand hin. Och d'Populatioun beim Steemarder ass stabil ze gesinn. Och hei gëtt et keng Indizien, datt déi géif zouhuelen.

***Goufe bis dato well Analysen duerchgefouert, op wat fir eng Ëmstänn dëse Réckgang vu Vullenaarten zeréckzeféieren ass?***

Jo. Lëtzebuerg huet wéi all EU-Memberstaaten d'Obligatioun all 6 Joer am Kader vun engem sougenannte "Reporting" d'Situatioun vun der Natur, an domat och allen zu Lëtzebuerg wëll virkommende Vullenaarten op Bréissel ze mellen. Des Analyse ass ënnert der Opsiicht vum Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung vum "Luxembourg Institute of Science and Technology" (LIST) an Zesummenaarbecht mat de jeeweilegen Experten, wéi dem Naturmusée an der Centrale ornithologique, duerchgefouert ginn an am Joer 2019 op Bréissel kommunizéiert ginn. D'Analyse beinhalt gläichfalls och d'Zesummestellung vun den Ursaache vum Réckgang bei der jeeweileger Aart.

Weider huet zu Lëtzebuerg notamment den "Observatoire de l'Environnement naturel" de Rôle den Zoustand vun der natierlecher Ëmwelt ze iwwerwaachen a mécht a senge Rapporten reegelméisseg dorop opmierksam.

***Wa jo, wéi gesinn dës Analysen aus a si Géigemoossname geplangt? Wéi sollen dës Géigemoossname konkret ausgesinn?***

D'Analyse aus dem Reporting vun 2019 ergëtt folgend Zuelen: bei 39 Vullenaarten ass an der Landwirtschaft eng vun den Haaptuersaachen vum Réckgang ze sichen; bei 20 Vullenaarten ass et d'Bebauung a bei 10 Vullenaarten sinn et d'Liewensraumverännerungen etc..

Am Kontext mat der Fro vum honorabelen Deputéierten, ass ze ënnersträichen, datt fir nëmmen 3 Vullenaarten aner Aarten duerch Konkurrenz oder Prédatioun als Ursaach identifizéiert gi sinn, allerdéngs net mat héchster Prioritéit.

Iwwert folgende Link kënnen déi Informatiounen ofgeruff ginn:

https://www.eea.europa.eu/themes/biodiversity/state-of-nature-in-the-eu/article-12-national-summary-dashboards/main-pressures-and-threats

Géigemoossnamen déi geplangt, respektiv ergraff gi sinn:

- Legale Schutz vun alle wëll zu Lëtzebuerg virkommende Vullenaarten, hiren Näschter, wéi Duerchzuch- an Iwwerwanterungsgebidder, duerch d'Naturschutzgesetz a seng Reglementer;
- Legale Schutz vun den Nahrungsliewensraim vun de Vullenaarten duerch d'Naturschutzgesetz a seng Reglementer;
- Aféierung vum Ökopunktesystem am neien Naturschutzgesetz an dem staatlech organiséierte Kompensatiounspool;
- Systematesch Ausweisung vu nationalen Naturschutz- an europäeschen Natura2000-Gebidder;
- Entwécklung an Ëmsetzung vun de Gestiounspläng an de Schutzgebidder an Entwécklung vun Aarteschutzpläng fir di bedrotsten Vullenaarten;
- Weiderféierung an Ausbau vun der naturnoer Bëschbewirtschaftung vun den ëffentleche Bëscher, déi de jëtzege relativ gudden Zoustand vun de Bëschvullenaarten erkläert;
- Ausschaffung respektiv Verbesserung vun de Subventiounsregimmer fir d'Bewirtschafter vu Forstbau a Landwirtschaft, wéi notamment déi erfollegräich Biodiversitéitsprogrammer;
- Promotioun vun der biologescher Landwirtschatft;
- ...

Detailer sinn am nationalen Naturschutzplang (PNPN), deen den 13. Januar 2017 vum Regierungsrot approuvéiert ginn ass, souwéi an den eenzelen Gestiouns- oder Aktiounspläng nozeliesen.

***Wann nee: Wär de Ministère bereet, esou Analysen duerchzeféieren?***

De Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung wäert weiderhi verdéiwend Analyse virundreiwen.